

D'Aluedung un Presse



Invitatioun

D'Kanner vum Videoprojet, de Kannerbureau Wooltz an den Zentrum fir politesch Bildung lueden iech an op déi offiziell Première vum neien Erklärvideo Du an d'EU. Sous-titrage en français.

Wee kucke komme well ass häerzlech agelueden an den Ciné Prabeli

PROGRAMM:

17:30 Auer	Intro
17:40 Auer	Video
17:45 Auer	Verre d'Amitié am Café



Pressematdeellung

Première vum Film Du an d'EU

Den 26. Abrëll fënnt déi offiziell Première vum Film *Du an d'EU* am Ciné Prabbeli zu Wolz statt. Lass geet et um 17:30 Auer mat enger Intro vun den Kanner, hir dann um 17:40 den Film gewiesen gëtt.

Den Video ass an Zesummenaarbecht mat Kanner aus dem Grondschulalter, dem *Kannerbureau Woltz* an dem *Zentrum fir politesch Bildung* entstanden. An dësem Video steet d'Thema vun den Europawahlen am Méttelpunkt. Sou soll mat kënschtlerechen Méttelen an an liichter Sprooch den Kanner ee Verständnis vun der Europäescher Unioun vermëttelt ginn.

Ee Film vu Kanner fir Kanner

Am Virfeld zu den Dréiarbechten sinn zesummen mat Kanner vun 8 bis 12 Joer Recherchen zum Thema EU gemaach ginn. Am Kader vun dësen Recherchen sinn niewent dem Besuch vun EU-Gebaier och EU-Deputéiert vun den Kanner interviewt ginn.

Fir des jeeweileg Schrëtt ëmzesetzen sinn Kanner vun Experten (Journalisten, Radioreporter) op hir Aarbecht virbereet ginn.

Am Februar sinn dunn Dréiarbechten zum Film *Du an d'EU* zesummen mat den Kanner gestart. Kanner sinn während enger ganzer Woch souwuel virun wei och hannert der Kamera begleet ginn. Déi abstrakt Zesummenhäng vun der EU sinn op eng spilleresch an informativ Aart a Weis duergestallt ginn an hëllef sou den Wieler vu muer hiren Alldag mat den politeschen an demokrateschen Begebenheeten ze verbannen. Dofir war et och ëmsou wichteg, dass d'Entwécklung vun dësem Film net eleng mat deenen erwuessenen Lait duerchgefouert gouf, mee dass och Kanner den Inhalt an dat Visuell matgestalten konnten. Sou ass dunn ee ganz flotten a participativen Projet entstanden, deen en kreativen Zougang zum Konzept EU liwwert.

Dësen Video soll net nëmmen lëtzebuergesch Kanner dozou alueden Konzept vun der EU kennenzelieren, mee och aner Kanner aus der EU. Aus dësem Grond ass den Video an ënnerschiddlechen Sproochen opgeholl ginn.

Kontaktpersoun:

Paulina Dabrowska

Coordinatrice - Kannerbureau Woltz

8, Gruberbeerig

L-9538 Wiltz

Tel: 959205 - 96

E-Mail: paulina@kabu.lu

Annexe:

Fotoen vun den Dréiarbechten